

Mä et ass awer ganz kloer, dass déi Kooperatioun mat China am Zesummenhang mat der Globalisatioun vum System e wesentleche Pluspunkt ass. Ech wéilt drop hiweisen, an do kann de Minister mer och vläicht drop äntwerten, dass am Zesummenhang mam Accord vu China de Conseil d'État a sengem Avis vum 14. Februar 2006 eng ganz Partie ganz prezis Froen opwërf, déi derwäert sinn, datt se haut hei op der Tribün eng Äntwert kréien.

Här President, dat gesot, wëll ech den Accord vun onser Fraktioun zu deenen dräi Projete bréngen.

**M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Leschte Riedner ass den honorabelen Här Adam. Här Adam!

**M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just dem Rapporteur nach eng kéier Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport, an ech wollt och den Accord vum grénge Grupp emol zu dësen dräi Projete bréngen.

Et ass ganz vill Wäert op d'Auswirkung op den Transport: den Transport terrestre, aérien et maritime, geluecht ginn, mä ech mengen och soen ze kënnen, datt dee ganze Projet Galileo a senger Wichtegkeet an a senger Bedeitung och eréischt an Zukunft wäert kënnen ausgewäert ginn. Op alle Fall ass et een Deel, dee fir d'europäesch Forschung an d'europäesch Sciencen, fir d'Entwécklung dovun, extrem wichtig ass. De Galileo wäert sech och nach op ganz aner Aspekter positiv auswierke kënnen. An deem Sënn si mer frou, datt mer déi Accordë kënnen ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Adam. Den Här Minister François Biltgen schléisst d'Debatt of.

**M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass relativ schwierig nom Rapporteur nach viles dobäizefügen.

Dee Projet Galileo ass een, deen dräi wichteg Elementer huet:

Deen éischten ass deen, dass e sech der ziviler Notzung vum Welt-raum consacrééiert. Dat ass eppes, wat oft diskutéiert gouf, och nach an Europa. Mä ech mengen, et gouf schonn oft genuch elo gesot vun de Virriedner, dass Galileo sech op d'zivilrechtlech Notzung beschränkt. An dat solle mer net vergiessen.

Zweetens, Europa kritt elo endlech d'Méiglechkeet - an ech denken do un d'Lissabon-Strategie -, fir mat Amerika op enger ganzer Partie Punkte gläichzezéien. Dat huet och erkläert, dass mer laang Zäit gebraucht hunn - an den Här Grethen weess et nach aus där Zäit, wou hien Transportminister war, wéi komplizéiert an all deene Sommeten, déi mer haten, ëmmer d'Diskussiounen Galileo waren, well verschidde Länner wollten dat eben aus enger Partie méi strategeschen Iwwerleeungen eraus bremsen. Elo si mer esou wäit, dass mer dat maachen.

Drëttens ass et natierlech och esou, dass mer zu Lëtzebuerg Retombéeë kréie vum Galileo-Projet. Mir bedeelegen eis um Galileo-Projet insgesamt duerch Europa, duerch eis Kontributiounen iwwert d'Europäesch Unioun fir 1,5 Milliounen Euro, an iwwert de Programm GalileoSat vun der ESA gi mer nach eng kéier 6 Milliounen Euro. Dat sinn 0,5% vum gesamte Chiffer. Dat ass net vill. Dat ass awer méi wéi mer iwwer Europa do bezuelen.

Mir hoffen och, dass eng Partie Firme vu Lëtzebuerg Retombéeë kréien. Zum Beispill hu mer e Projet

ënnerwee, dat ass deen, deen TTC heescht, „Tracking, Telemetry and Command“. Do geet et drëm, fir och iwwer Buedemstatiounen kënnen en Impakt op dee Galileosystem ze huelen, an do gëtt et Lëtzebuerger Firmen, déi dorun interesséiert sinn. Do errechne mer eis och eng Retombée fir d'Lëtzebuerger Wirtschaft vu ronn 3,3 Milliounen Euro.

Galileo ass also een Element, wou mer et zu Lëtzebuerg och wäerte fäerdeg bréngen an Zukunft, fir matzespillen am Weltraum. An d'Ursaach, dass mer an d'ESA erageklomme sinn als Lëtzebuerg, ass ebe just déi, fir Lëtzebuerg an Zukunft eng nei wirtschaftlech Entwécklung ze ginn, wat d'Welt-raumtechnologien ubelaangt. An do si mer och ganz frou als Forschungsministère, dass sech déi verschidde Firmen, ob se elo an der Haute technologie sinn, oder ob se Zouliwwerfirmen sinn an dem Industrierberäich, sech zesumme-fonnt hunn zu Lëtzebuerg am sou genannte GLAE, dem „Groupe-ment Luxembourgeois de l'Aéronautique et de l'Espace“, fir do kënnen matzehëllefen.

Iwwert d'ESA kënnen mer an enger éischerter Phas deene Firmen Op-träg ginn. An enger zweeter Phas kréien déi Firmen Know-how, fir och do an Zukunft an deem Beräich eng wichteg Roll ze spillen. Dat schaaft och Aarbechts-plazen zu Lëtzebuerg, notament am industrielle Beräich. Dofir ass dee Galileo-Projet eis wichtig.

An dofir ass et och wichtig - an elo kommen ech e bëssen op déi dräi Projete vun haut -, dass dee Galileo-Projet sech an en internatio-naalt Émfeld ofséchert. Dohier waren déi Accorden, do ginn ech der Madame Flesch Recht, net ëmmer esou einfach wéi dat elo herno um Pabeier kléngt, mat deene verschiddene Länner. Mä et ass eis gelongen.

D'Madame Flesch huet gefrot, wéi wäit mer mat deenen anere sinn. Ech weess net wéi wäit do d'Europäesch Unioun mat deene verschiddene Länner ass: an dat ass Russland, dat ass Indien, Ukrain, Brasilien, Mexico, Australien. Mir hoffen awer, dass mer do esou séier wéi méiglech och déi Projete kënnen bréngen. Ech kann lech also elo net méi Informatiounen ginn, wéi fir ze soen, dass déi en cours sinn. Op wat fir engem Punkt se sinn, wësse mer zurzäit net.

Op där anerer Säit soen ech lech awer, dass et natierlech och wichtig wär, fir esou vill wéi méiglech Accorden ze hunn. Wat Galileo méi Partner op der Welt huet, wat et éischstens méi einfach gëtt Galileo durchzesetzen an zweetens och méi einfach gëtt Galileo ze finanzéieren. Well wa mer an Europa d'Diskussiounen haten, da war et virun allem ee Finanzementsproblem am Ufank. Do si mer elo emol e gudde Strapp weider.

Dat gesot, wéilt ech lech dann invitéieren, fir dat ze maachen, zu wat lech Äre Rapporteur hei opgefuert huet, nämlech hei unanime déi dote Projeten ze stëmmen. Et ass vläicht nëmmen e kleng Schrëtt fir Lëtzebuerg, awer et ass e grouse Schrëtt fir Europa. A mir hunn och e kleng Profit dervun.

Merci.

**M. le Président.** - Merci, Här Minister.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung vun deenen dräi Projet-de-loien. Fir d'éischt d'Ofstëmmung iwwert de Projet 5461.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 5461 et dispense du second vote constitutionnel**

Här Mosar, mir huelen lech derbäi.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse*

*Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Henri Grethen), M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum Vote vum Projet de loi 5462.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 5462 et dispense du second vote constitutionnel**

Dëse Projet ass och mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass esou décidéiert.

Da komme mer zum Vote iwwert de Projet de loi 5479.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 5479 et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Niki Bettendorf) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt och hei d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun iwwert de Projet de loi 5532, d'Kulturofkommes tëschent Lëtzebuerg an dem Cap-Vert. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Marcel Oberweis.

### 3. 5532 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République du Cap-Vert dans les domaines de l'éducation, de la culture et des sciences, signé à Praia, le 20 novembre 1998

**Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture**

**M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister. Nodeem eis elo déi zwee Kollege mat hirem Galileo an de Weltraum matgeholl haten, hunn ech d'Chance lech erëm erofze-huelen an lech an Afrika ze entfée-ren, an de Cap-Vert; net fir ganz laang, da komme mer erëm.

Mir huelen haut de Rapport vun engem Accord de coopération un, deen am Joer 1998, dat heescht also virun aacht Joer schonn, ënnerschriwwen ginn ass. Fir dëse Rapport - ech war dat Land ni besichen - emol eng kéier ze kucken, hunn ech mer d'Websiten ugekuckt, fir mer emol e Bléck iwwer

dës Inselrepublik ze ginn, déi am Oste vum Atlantik läit. Dat Land gëtt do an de schéinste Faarwe beschriwwen an ech beneiden déi Leit, déi d'Land scho gesinn hunn. Och hei am Sall si Leit, déi mer gesot hunn, dass et esou schéi wier, an ech hoffen och eng kéier d'Chance ze kréien, d'Kultur vun deem Land ze gesinn.

D'Republik vum Cap-Vert besteet aus 28 Inseln, an déi sinn alleguer vu vulkaneschem Ursprung, wéi dat am Atlantik normalerweis de Fall ass, vun deenen der awer nëmmen néng Stéck bewunnt sinn. D'Klima ass waarm an dréche mat wéineg Reen. Et huet zum Beispill tëschent 1972 an 1977 net gereent; d'Temperaturmoyenne läit bei 20 bis 25 Grad Celsius.

460 Kilometer ewech vun dem westafrikanesche Kontinent op der Héicht vum Senegal läit dës Insel-grupp am Ostatlantik. Mat ronn 4.000 km² ass de Cap-Vert e bësse méi grouss wéi onst Land, an an der Hauptstadt Praia liewen 115.000 Mënsche vun am ganze 450.000 Kapverdianer. Mindelo ass a sech d'kulturell Hauptstadt vum Archipel.

D'Leit do ënne schwätzen portugisesch, awer mat engem liichten Touch vun engem kreole Cap-Verdien. Franséisch ass déi zweet Sprooch.

Vum wirtschaftleche Standpunkt aus gesinn ass d'Landwirtschaft op dëser Inselgrupp déi Hauptaktivitéit. Méi wéi d'Halschent vun de Leit schaffen an der Landwirtschaft, déi 12% vum Bruttonationalprodukt bedréit. D'Industrie ass gezechent duerch d'Raffineriere vun Zocker, d'Konservéieren an d'Amaache vu Fësch an d'Distilléiere vu Liqueuren. Den Tourismus ass awer e Beräich, deen ëmmer méi staark zum Droe kënnt. Esou hunn am Joer 2000 déi éischte kéier 145.000 Leit dëst Land besicht. De Cap-Vert huet sech och extra agesat, fir e Spezialstatut mat der Europäescher Unioun ze kréien.

Ech maache vläicht elo e ganz kuerze Réckbléck an d'Geschicht, awer e ganz kuerzen nëmmen. Et geet u mam Joer 1456: Do huet den deemolege Schëffskommandant Alvise Cadamosto déi Insele fir d'Land Portugal entdeckt.

**(Interruption)**

No der Ofschafung vun der Sklaverei an der Lassléisung vun dem Guinea-Bissau an der zweeter Halschent vum 19. Jorhonnert war déi kapverdianesch Wirtschaft awer um Enn. Ganz vill Leit sinn deemools fortgaangen an d'portugisesch Kolonien an Amerika. Nach schlimmer gouf et dunn ënnert dem Regime vun Diktator Salazar. Do huet de Cap-Vert déi däischterst Zäit vu senger Geschicht mat-gemaach. Eréischt duerch déi sou genannten „Nelkenrevolution“ am Joer 1974 ass dat Land erëm fräi ginn an huet dann d'Onofhängegkeet de 5. Juli 1975 gefeiert.

Eng ganz wichteg Etapp fir d'Land ware sécher am Joer 1990 déi éischt Fräiwahlen, déi do organi-séiert konnte ginn. D'Kooperatioun vu Lëtzebuerg mat dësem afrikanesche Land huet um Enn vun den 80er Joren am leschte Jorhonnert ugefaangen an am Joer 1993 huet de Cap-Vert de Statut vun engem Pays cible kritt.

Zënter dem Joer 1993 sinn an dat Land awer scho 35 Milliounen Euro gefloss. Dat bedeit ganz einfach de groussen Impakt vu Lëtzebuerg an der Kooperatioun. Dorop kënnen mir houfreg sinn, well mir de Mënschen, déi net op der Sonnesäit vum Liewe stinn, e bësse Liewens-freed bréngen. Ech sinn der Mee-nung, dass duerch d'Ëmsetzung vun dësem Accord, dee mir haut stëmme wäerten, dës Hëllef nach méi gefestegt gëtt.

Déi prioritär Secteure vun eisem Kooperationsprogramm sinn: d'Educatioun, d'Gesondheet, d'Ver-besserung vun der Waasserquali-

téit an d'Liewensmëttelhëllef. Am Beräich vun der Education konzentréiert sech eis Hëllef haaptsächlech op d'Géigend vu Santiago, wou d'Zoustänn am dramateschste sinn. Duerch déi Lievensmëttelhëllef, déi mir deem Land zoukomme loossen, kënnen mir och Entwécklungsprojete bäisteieren an domadder och der kapverdianescher Bevölkerung méi hëllefen. Dat ass ee wichtege Grond d'Kooperation mat dësem Land weiderhin oprechtzëerhalen.

Och wann de Cap-Vert geographesch gesi relativ wäit ewech vu Lëtzebuerg läit, esou sinn dach déi Relatiounen tëschent eise Länner an de leschte Jore staark gewuess. Interessant ass och: 1.700 Mënschen aus dem Cap-Vert wunne mëttlerweil bei ons, a ronn 430 hunn eis Lëtzebuerger Nationalitéit ugeholl. Dat beweist ganz einfach, dass déi Leit gewëllt sinn, sech hei ze integréieren.

No deem kuerzen Ausfluch an d'Geschicht, d'Geographie an d'Kooperation wëll ech nach e puer Wuert hei zum Kooperationsaccord selwer soen: Duerch de Projet selwer gëtt en Accord tëschent Lëtzebuerg an dem Cap-Vert ënnerschríwwen, deen déi gutt Zesummenaarbecht an de Beräicher Ausbildung, Kultur a Wëssenschaften dokumentéiere soll.

Den Accord de coopération ass den 20. November 1998 zu Praia am Cap-Vert ënnerschríwwen, an den 9. Januar 2006 vun dem Ausseminister hei an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis de 14. Februar ofginn an d'Chamberskommission huet an hirer Sëtzung vum 4. Abrëll du mech als Rapporteur genannt. Mir hunn och den Text an den Avis vum Statsrot analyséiert. De Rapport ass de 24. Abrëll ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nëmmen op e puer Objektivier vum Accord agoen. Dëst bilateralt Ofkommen ass en éischten Accord mat engem afrikanesche Land. Fir d'Ziler vum Accord de coopération erreechen ze kënnen, gëtt eng Commission mixte agesat. Déi huet natierlech d'Aufgab fir hire pluriannuellé Programm auszeschaffen, fir deen ugestrieften Échange och opzebauen. Den Accord huet eng Lafdauer vu fënnef Joer an e gëtt dann tacitement weider verlängert, wa keng vun de Parteie sech derzou äussert dee Vertrag opzeginn.

Duerch en Austausch vun Dokumentationsmaterial an Informatioun soll eng bilateral Cooperation an de Beräicher: Ausbildung, Archiv- a Bibliothéikewiesen, Museologie, Archäologie, Protektioun an der Restauratioun vu Monumenter a Konschtwierker zum Droe kommen. Notamment am Beräich Jugend a Sport wëlle mer den Austausch favoriséieren.

Wann een elo weess, dass an Afrika munch Kanner net an d'Schoul kënnen goen, esou muss de Beräich Ausbildung hei e grouse Stellwäert kréien. Mir wëllen dat begleet mat dem Austausch vu Studenten, Professerer a vu Schüler. Duerch esou en Austausch vu Kultur ginn déi national an europäesch Mentalitéite beräichert, d'Toleranz an de Respekt fir aner Kulturen a Völker méi grouss gemaach.

An dann zum Schluss: Duerch dëse Kooperationsaccord wëllt Lëtzebuerg säi bescheidene Bäitrag leeschten, dass zumindest an dësem Land Cap-Vert op de Gesichter vun de Kanner méi e grousst Laache kënnt. Dat ass eng Haaptroll vun esou Kooperationsaccorden. No dëse Wieder wëll ech dann der CSV-Fraktioun hiren Accord zu dësem Projet erabréngen, a soe Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Ech hunn op alle Säite vill Zoustëmmung gesi fir d'Ausféierunge vum Rapporteur.

Ech mengen, et ass deem näischt bäizefügen. Wann d'Regierung och näischt derzou bäizefügen huet, dann...

(*Interruption*)

Den Här Angel huet d'Wuert.

**Discussion générale**

■ **M. Marc Angel** (*LSAP*). - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt dem Rapporteur villmools Merci soen. Hien huet gesot wéi wichteg dësen Accord ass a wéi enk déi zwee Länner matenee verbonne sinn. Ech wëlt op dräi aner Parallelen agoen.

De Cap-Vert ass an Afrika eent vun deene klengste Länner, esou wéi mir an Europa eent vun deene klengste Länner sinn. A mir schwätzen hei um europäesche Plang mat, a si ginn dohannen och als seriöse Partner geholl.

Eng aner Parallel, déi mer am Kontext vun dësem Accord wichteg schéngt, ass, dass de Cap-Vert genau wéi Lëtzebuerg net eng Sprooch huet, mä e Sproochesystem. Si hunn als offiziell Sprooch Portugisesch, esou wéi mir Franséisch hunn, mä si schwätze Kreolesch, esou wéi mir Lëtzebuergesch schwätzen. Si spillen eng wichteg Roll am Monde lusophone, esou wéi mir an der Francophonie eng wichteg Roll spillen.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Marc Angel** (*LSAP*). - An dat wollt ech hei ënnersträichen.

A si sinn e Land, dat eng grouss Diaspora huet, esou wéi mir se hate virun 100 Joer, wéi mir en Auswanderungsland waren. Si sinn dat am Moment nach, mä mir hoffen, dass si sech esou entwéckelen, dass d'Leit an hirem Land kënnen bleiwen, esou wéi d'Lëtzebuerger haut hei bleiwen.

Dat sinn dräi Parallelen, déi ech ënnersträiche wollt. Ech wollt och nach eng kéier dem Marcel Oberweis Merci soe fir de Rapport. A selbstverständlech gi mir eisen Accord.

■ **M. le Président.** - Merci, Här Angel. D'Madame Flesch.

■ **Mme Colette Flesch** (*DP*). - Här President, zwou ganz kuerz Bemerkungen: Ech freeë mech wierklech, dass deen éischten Accord, dee mer mat engem afrikanesche Land ofschléissen, mam Cap-Vert ass, Compte tenu vun deenen exzellente Relatiounen, déi mer hei am Land mat onse kapverdianesche Matbierger hunn.

An ech géing mer erlaben e Wonsch un d'Regierung erunzedroen: De Champ d'application vum Accord ass d'Konscht; d'Kultur insgesamt. D'kapverdianesch Kultur huet ee Glanzstéck: Dat ass d'Musek. Ech géing mech freeën, wann am Kader vum Contenu, deen nach definéiert gëtt, een och un deen doten Aspekt géing denken. Mir gi selbstverständlech onsen Accord zum Projet.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Den Här Minister Biltgen wëllt och d'Wuert.

■ **M. François Biltgen**, *Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.* - Merci. Och ech wëll emol fir d'éischt dem Rapporteur Marcel Oberweis Merci soe fir deen eingehende Bericht.

Ech wëll och hei, wéi all Virriedner eigentlech, menger Zefriddenheet Ausdrock verleeën, dass mer endlech mam Cap-Vert en Accord hunn. Wa mer kucken, mat wat fir enge Länner mer alleguer Accordculturelen hunn, a wa mer kucken, mat wat fir engem Land et wierklech wichteg wär een ze hunn, dann ass de Cap-Vert eent vun deenen éischten.

Et huet laang gedauert. Deen Accord gouf 1998 vun der Madame Err an dem Här Wolter ënnerschríwwen.

(*Interruption*)

An et huet aacht Joer gedauert, bis dass mer deen dann elo endlech hei duerch d'Chamber kritt hunn. An ech sinn och frou, dass d'Madame Err an den Här Wolter hei kënnen nach eng kéier mathëllefen, dass et och eppes gëtt, deen Accord. Mä et ass eigentlech richtig, dass mer deen eréischt am Joer 2006 hei ofseenen, well am Joer 2006 feiere mer 550 Joer Entdeckung vum Cap-Vert, déi geschitt ass duerch e Genueser - wéi ëmmer, wéi de Columbus -, deen awer fir Portugal, net fir Spuenien, gefuer ass, den Alvisse de Cadamosto. Deen huet viru 550 Joer Cap-Vert entdeckt. Voilà!

550 Joer drop maache mer elo endlech deen Accord, wou d'Musek, Madame Flesch, douds'écher dierft eng Roll spillen. Ech wëll lech drun erënneren, dass mer éier mer den Accord haten, och versicht hu kulturell Échangen ze maachen, notamment um musikalesche Plang.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng ganz grouss kapverdianesch Immigration. Mir hunn eis ëmmer refuséiert en Accord de main-d'œuvre ze maachen, aus engem ganz wichtege Grond, well mer gesot hunn: Mir hu méi Intérêt, dass mer dat Land opbauen an dass och hir Kräften dohannen hëllefen, fir dass dat Land eng kéier erauskënnt. An ech mengen, mir mussen dat och an Zukunft maachen. Mir hunn eng Verflichtung par rapport zu deem Land, a si gesinn eis och esou. Mir sinn deen zweetgréisste Bailleur de fonds no Portugal an nach virun der Europäescher Unioun. A si hoffen och op eis.

An ech mengen, mir sollen dat och dofir weiderféieren, engersäits eben ze soen, mir géife gär hunn, dass Der doheem bleift an Äert Land opbaut, an anerersäits dann och de Lëtzebuerger ze weisen, dass d'Kapverdianer eng Kultur hunn. Well een awer, wann een an d'Bistroë kënnt an esou weider, net ëmmer am positive Sënn vun dëser Immigration héiert. Dobäi sinn et vill Leit, déi oft ënner ganz schlechte Verhältnissen schaffen. Dofir hat ech ëmmer gehofft bei der Regulariséierung méi Kapverdianer kënnen ze régulariséieren, wéi mer régulariséiert hunn. Mä dofir ass et wichteg, dass mer iwwert dëse Wee weisen, dass mir eng Verbonnenheet hu mat deem Land, an dass mer zesummestinn.

An ech soen da ganz zum Schluss: Als Escher Jong schwätzen ech net vun der Musek, mä vum Fussball. Ech si ganz houfreg, dass mer mëttlerweil e Lëtzebuerger Nationalspiller hunn, dee selbstverständlech vun Esch kënnt, dee vu kapverdianescher Origine ass, an deen eis nach vläicht hëlleft an zwou Wochen d'„Preisen“ ze schloen.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Ooohhh!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Minister.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert dëst Kulturofkommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Den Accord ass mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel*

*Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum nächste Projet de loi. Dat ass e Projet iwwert de Bäitritt vu verschiddenen neien EU-Länner zur Konventioun iwwert d'Obligations contractuelles. D'Wuert huet de Rapporteur, déi honorabel Madame Err. Madame Err.

**4. 5536 - Projet de loi portant approbation de la Convention relative à l'adhésion de la République tchèque, de la République d'Estonie, de la République de Chypre, de la République de Lettonie, de la République de Lituanie, de la République de Hongrie, de la République de Malte, de la République de Pologne, de la République de Slovaquie et de la République slovaque à la Convention sur la loi applicable aux obligations contractuelles, ouverte à la signature à Rome le 19 juin 1980, ainsi qu'aux Premier et Deuxième Protocoles concernant son interprétation par la Cour de justice des Communautés européennes, signée à Luxembourg le 14 avril 2005**

**Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration**

■ **Mme Lydie Err** (*LSAP*), *rapporteuse.* - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet em een Accord hei, iwwert dee manner interessant Saachen ze soe si wéi iwwert dee viregten, well en nach vill méi terre à terre ass wéi deen. Et geet hei am Fong em eng Approbation vun enger Konventioun vun deenen zéng Länner, déi der Europäescher Communautéit als lescht bäigetratt sinn, ze enger internationaler Konventioun a Protekoller, wou Lëtzebuerg scho länger Member ass, an déi am Fong ganz wichteg sinn, well se am Droit international privé festleeën, wat fir een Tribunal zoustänneg ass, wann in-

ternational Elementer an engem Prozess stattfannen.

A fir dass net jiddferee sech da kann dat Land eraussichen, wou hie mengt am beschten ewechzekommen, gëtt et eben déi Convention sur la loi applicable aux obligations contractuelles, déi zu Roum gemaach ginn ass. Et gëtt och Protekoller iwwert d'Interpretatioun vun dëser Konventioun. Domadder ass am Fong schonn alles gesot.

Fir Lëtzebuerg ass et absolut näischt Neies, well mir déi Texter am Fong scho ratifizéiert haten an déi zu Lëtzebuerg Uwennung fonnt hunn. Wat nei hei ass, dat ass, dass déi Dispositiounen, déi ënnert den EU-Memberen och virdu scho rechtskräfteg waren, elo ausgeweit ginn op déi zéng Länner, déi bei där leschter Adhäsion bäigetratt sinn. Et ass am Fong dann esou, dass den europäesche Rechtsraum, wat d'Kompetenzen an d'Interpretatioun vu Kompetenzen am Droit international privé ugeet, ausgeweit gëtt.

An ech mengen, dass dat praktesch eng wichteg Saach ass, och dann, wann et kee vum Hocker hei räisst. Ech géif lech dann trotzdem alleguerte bieten, deen Accord hei ze stëmmen, well et eng Uniformitéit iwwert d'Kompetenz vun de Juridictiounen am Europa vun deene 25 hei bréngt.

Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Err, fir deen explizite Rapport.

Ech denken, mir sinn all d'accord, datt mer direkt kënnen zur Ofstëmmung kommen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);*

*MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur (par Mme Colette Flesch), M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum zweete Vote constitutionnel iwwert den Ännerungsvorschlag vum Artikel 68 vun eiser Verfassung.